

WALE FIR D'EUROPÄESCHT PARLAMENT 2024

WALPROGRAMM

Volt

ZUKUNFT  MADE IN EUROPE

EN EUROPA FIR JIDDEREEN

Doduerch, datt ëmmer méi Konflikter an der Welt ausbriechen, gi mir ëmmer méi dorunner erënnert, **wéi glécklech** déi meescht vun eis sech kënne schätzen, datt se Joerzénge laang am Fridden an a Sécherheet gelieft hunn. Dës historesch eenzegaarteg Friddensperiod verdanke mir dem Prozess vun der **europäescher Integratioun**. Engem Prozess, deen och en **immense Wuelstand** fir déi meescht Europäer*inne bruecht huet, deen et sou an der Geschicht och nach net ginn ass.

Obwuel den europäesche Projet sou erfollegräich war, gëtt e sengem Potential nach ëmmer net gerecht. D'Mënschen op eisem Kontinent si mat **reelle Krise** konfrontéiert: vu Kricher un eise Grenzen, der Klimakatastroph, der Aarmut déi ëmmer méi grouss gëtt, bis zur onmënschlecher Behandlung vun deene Leit, déi eng Zouflucht sichen, souwéi ekonomescher Stagnatioun. All dës Problemer **ginn net geléist**.

Déi national Regierungen sinn, wann iwwerhaupt, just mat **hallefhäerzegen Ustrebungen** dobäi, fir dës Problemer unzegoen. A wa se dann handeln, **ënnergrouwe** se dacks d'Interesse vun hiren **europäesche Matbierger*innen**.

An dat ass genau dat, wat schif leeft. Dës Zort vu Krise loosse sech net duerch eis Grenzen andämmen. An dat mécht et onméiglech, fir national Regierungen, se aleng ze bewältegen. D'Resultat ass eng gespléckte Gesellschaft, Extremismus a Lämung.

Et gëtt awer eng Alternativ. Mir kënnen dës Erausforderunge meeschteren, wa mer se **gemeinsam als Europäer*innen** uginn, an engem vereente, föderalen a wierklech demokrateschen Europa.

Zesumme kënne mer **en Europa opbauen**, dat sengem Potential gerecht gëtt an dat **fir eis alleguerte fonctionéiert**, egal wie mir sinn, wou mir liewen a wat mir schaffen.

En Europa, dat **sech verteidegen** an de **Fridden** an der Welt **séchere** kann.

En Europa dat **en decisiven Iwwergang zu erneierbaren Energië wot** an duerfir suergt, datt d'Grondbedierfnisser **vun all Mënsch abordabel** sinn.

En Europa, dat all deenen **Zouflucht bitt**, déi Sécherheet sichen, an **talentéiert Mënschen** unzitt, déi eis hëllef, dat z'erreechen, wat mir aus eegener Kraaft net packe kënnen.

En Europa mat enger Ekonomie, déi **Wuelstand schafft a gläichzäiteg eise Planéit schützt**.

An en Europa, dat net duerch onmënschlech **nationalistes a populistesch** Politik ausernaner gerappt gëtt.

Mä en Europa, dat vun **Dignitéit, Solidaritéit, Fairness an Transparenz** gepräagt ass an an där **d'Bierger*innen sou gestärkt sinn**, datt si selwer d'Méiglechkeet kréien, déi vun hinnen ugestriefte Verännerungen ëmzesetzen.

FIR DËST EUROPA OPZEBAUEN, HU MIR VOLT GEGRËNNT.

Als déi **éischt wierklech paneuropäesch Partei** maache mir eng aner Politik. Mir bréngen **d'Wëssen an d'Perspektivë vun Dausende vu Mënschen** zesummen – vun Irland bis Rumänien, vu Finnland bis Malta – fir eng evidenzbaséiert Politik z'entwéckelen. A mir kämpfe fir **déi selwecht Politik iwwerall an Europa**.

Milliounen vun Europäer*innen hunn eis schonn hir Stëmm op kommunalem, nationalem an europäischem Niveau **uvertraut**. Méi wéi 125 Volter representéieren schonns elo Bierger*innen a Länner wéi Bulgarien, Däitschland, Griicheland, Italien, Holland oder Portugal.

Eist nächst Zil ass et, 23 Sätz am Europäesche Parlament ze gewannen. Dëst géif eis zu enger onofhängeger politescher Kraaft fir all Europäer*in maachen a weisen, datt **eng gesamteuropäesch Demokratie, déi vu gemeinsame Wäerter ugedriwwen gëtt, d'Zukunft ass**.

DU BASS OCH DER MEENUNG, DATT
MER ENG ANER POLITIK MAACHE
MUSSEN?

DU GLEEFST UN ENG ZUKUNFT
MADE IN EUROPE?

Wa jo, da scann dëse QR-Code
a géff Deel vum Wandel.



ENG BESSER EU

D'EU méi demokratesch maachen an de Leit eng méi grouss Stëmm ginn	5
Transparenz erhéijen, Korruptioun an autokratesch Tendenzen bekämpfen	5
D'europäesch Ekonomie duerch eng nei Steierarchitektur sécheren	6
Europa eng staark Stëmm op der Weltbün ginn an et a puncto Sécherheet onofhängeg vun anere maachen	6
Fridden a Mënscherechter duerch Hëllef, Handel an Erweiterung férdere	6

WIRTSCHAFT

Klimaneutralitéit sou séier a sou fair wéi méiglech erreechen	7
Eis Energieinfrastruktur moderniséieren an de Stroossen- a Fluchverkéier op den Zuch verlagere	7
Eise Planéit schützen andeems nohalteg Praktike gefërdert ginn	8
Dofir suergen, datt d'Digitaliséierung fir all Mënsch fonctionéiert	8
Europa zu engem Virreider an der Innovatioun an an der Kompetitivitéit maachen	8
Et einfach maachen, fir Leit aus der ganzer Welt an Europa schaffen ze kommen a wäertvoll Aarbecht ze leeschten	9

GESELLSCHAFT

Eng héichwäerteg an zukunftsorientéiert Educatioun fir jiddereen	10
Diskriminéierung bekämpfen, fir datt jiddwieren déi selwecht Rechter a Chancë kritt	10
E gudd Liewensstandard férdere, andeems liewenswichtig öffentlech	
Déngschtleschtungen bereet gestallt ginn a sozial Solidaritéit gefërdert gëtt	11
E fairen an humanen Asylsystem	11
D'Rechter vun de Leit an enger digitaler Welt schützen an d'Digitaliséierung an den Déngscht vun allen Europäer*inne stellen	11

ENG BESSER EU

D'Eenegung vun Europa huet no zwee fuerchtbare Weltkriicher zu Fridden a Wuelstand gefouert, deen et sou bis ewell nach ni gouf. Dëst huet gewisen, wéi een zesummen, iwwer Grenzen ewech a mat enger gemeinsamer Mënschlechkeet, eng Divisioun an Zerstéierung verhënnere kann. Mä d'EU an hirer aktueller Form ass bäi wäitem net perfekt. An enger Zäit, an där de Populismus an d'Onzefriddenheet ëmmer méi grouss ginn, ass et wichteg, domat unzefänken, eis EU sou ze gestalten, datt se fir eis alleguer fonctionéiert.

FIR EIS EU ZE VERBESSEREN, WËLLE MIR:

D'EU MÉI DEMOKRATESCH MAACHEN AN DE LEIT ENG MÉI GROUSS STËMM GINN

- + E fëderaalt Europa mat europäesche Parteien an enger europäescher Regierung, déi vun engem europäesche Premier geleet gëtt.
- + De Rot vun der Europäescher Unioun an en europäesche Senat verwandelen; dat **nationaalt Vetorecht** ofschafen; an **d'Parlament** dozou **ermächtigen**, datt et Gesetzer virschloe kann.
- + De **Walalter op 16 Joer** erofsetzen a Bierger*innen et erméiglechen, **iwwer Petitioune Gesetzer virzeschloen**.

TRANSPARENZ ERHÉIJEN, KORRUPTIOUN AN AUTOKRATESCH TENDENZEN BEKÄMPFEN

- + En neit **Europäescht Verfassungsgericht** etabléieren, dat national Gesetzer op der Grondlag vun enger **neier EU-Verfassung** ophiewe kann.
- + **EU-Gelder a Stëmmrechter vu Regierunge sträichen**, déi d'Demokratie, d'Mediefräiheet, d'Grondrechter oder de Justizsystem ënnergruewen, an amplaz eng direkt Finanzéierung vu Gemengen a Stied erméiglechen.
- + Europäesch Standarden duerchsetzen, **déi Journalisten an hirer Recherche schützen a Lobbyisten dozou bréngen, all hir Treffen op enger Plattform ze registréieren**, fir datt Politiker sech musse verantworten.

D'EUROPÄESCH EKONOMIE DUERCH ENG NEI STEIERARCHITEKTUR SÉCHEREN

- + Vervollstännege vun der Eurozon an der Bankenunioun; an engem neien **europäesche Finanzminister** * enger neier **europäescher Finanzministesch** et erméiglechen, de järeleche Budget ze proposéieren.
- + Der EU d'Méiglechkeet ginn, **wirtschaftlech Schocken** mat kloren Defizitreegelen, Reform-UFuerderungen a stabiliséierenden Investitiounsinstumenten ze **konteren**.
- + E **Mindeststeiersaz vun 22% fir Entreprises** a ganz Europa aféieren a sécherstellen, datt **Profitter och do besteiert ginn, wou se generéiert ginn**.

EUROPA ENG STAARK STÈMM OP DER WELTBÜN GINN AN ET A PUNCTO SÉCHERHEET ONOFHÄNGEG VUN ANERE MAACHEN

- + Eng **Europäesch Arméi ënnert der Kontroll vum Parlament** kreéieren an zesumme Waffe beschafen.
- + Et engem **echten europäeschen Ausseministère** erméiglechen, eng gëeenten Aussepolitik ze representéieren, déi op Wäerter baséiert, an op e globale Konsens bei Themaen wéi Klima, KI oder Cybersécherheet hischafft.
- + En europäesche System ariichten, fir kënnen **auslännesch Direktinvestitiounen (ADI, bzw. FDI oder IDE)** ze **kontrolléieren** an Investitiounen a kritesch a strategesch Infrastrukturen ze préiwen; donieft e **gemeinsamen Geheimdéngscht** aféieren.

FRIDDEN A MËNSCHERECHTER DUERCH HËLLEF, HANDEL AN ERWEIDERUNG FËRDEREN

- + **Handelsofkommessen** fërderen, déi op Nohaltegkeet a Mënscherechter berouen, fir d'Handelsonofhängegkeet vun Europa ze diversifizéieren.
- + Méi wéi 100 Milliarden Euro un **offizieller Entwécklungshëllef** bereetstellen an d'Finanzéierung vun dëser Hëllef iwwert eng europäesch Entwécklungsagence koordinéieren.
- + D'Ukrain mat Waffen a Suen ënnerstëtzen, bis si hir territorial Integritéit erëmkrut, an en neien a schrëttweise Wee fir d'Bäitrittskandidaten an d'EU aféieren, dee méi fair, méi transparent a méi effizient ass.

ENG INNOVATIONSFREUNDLECH A KLIMANEUTRAL WIRTSCHAFT

Déi europäesch Economie huet eis säit Joerzénge en héije Liewensstandard erméiglecht. Mä mir wëssen, datt dës Succès säi Präis huet. Haut gi mer bal all Dag mat Noriichten iwwer Klimakatastrophe waakreg – Iwwerschwemmungen an deem engen Deel vun Europa, Feier an deem aneren. Mir wëssen, datt mir d'Aart a Weis, wéi mir eis Economie bedriewen, ännere mussen, wa mer net just iwwerliewen, mä och gedeie wëllen. Ma dës Moment vun der Kris ass och eng Chance fir positiv Verännerungen. Mir kënnen déi Innovatioun, déi Kreativitéit an déi Talenter, déi Europa elo schonns huet netzen, fir eng nohalteg, klimaneutral Economie opzebauen, déi eis duerch d'21. Joerhonnert bréngt.

**FIR ENG EKONOMIE, DÉI PRETT ASS FIR D'21.
JOERHONNERT, WËLLE MIR:**

KLIMANEUTRALITÉIT SOU SÉIER A SOU FAIR WÉI MÉIGLECH ERRECHEN

- + Sech zu enger **klimaneutraler Economie bis 2040** an zu engem klimaneutralen Energiesector bis 2035 verpflichten.
- + **Subventiounen fir fossil Brennstoffer** stoppen, eng **EU-wäit Kuelestoffsteuer** aféieren an de Revenu dovunner gebrauchen fir deenen ze **hëllefen, déi am meeschte** vun der grénger Transformatioun **betraff sinn**.
- + Eng Strategie fir gréng Aarbechtsplazen a benodeelegate Regiounen entwéckelen, andeems d'Connectiounen an d'Infrastruktur verbessert ginn; Ëmschoulung fërderen a mat Entreprises an Institutiounen aus der Educatioun a verschiddene strategeschen Industrien a Branchen zesummeschaffen.

EIS ENERGIEINFRASTRUKTUR MODERNISÉIEREN AN DE STROOSSEN- A FLUCHVERKÉIER OP DEN ZUCH VERLAGEREN

- + D'Economie mat engem **intelligenten europäeschen Energiesnetz** ënnerstëtzen, andeems d'Geneemegungen fir erneierbar Energië méi einfach a méi séier gemaach ginn, Energiespuerinitiativen ënnerstëtzt ginn an de Bierger*innen et erméiglecht gëtt, Energie an d'Netz ze speisen.

- + De **kompletten Ausstieg aus der Kohlenenergie** bis 2030 fördern an ophalen, nei Geneemegungen fir Buerungen no fossilem Brennstoff auszustellen.
- + En abordabelen, vernetzten **Héichgeschwindigkeetszuch** als Ersatz fir de Fluchverkéier bannent Europa ariichten.

EISE PLANÉIT SCHÜTZEN ANDEEMS NOHALTEG PRAKTIKE GEFÉRDERT GINN

- + Den Déiereschutz garantéieren andeems souwuel de **Laangstreckentransport vun Déieren** an Net-EU-Länner, wéi och Eenzelkäfeghaltung an der Landwirtschaft **verbuede** gëtt.
- + **Subventionen fir ëmweltschiedlech landwirtschaftlech Praktiken strächen** an e Fong fir regenerativ Landwirtschaft zur Verfügung stellen.
- + **Biodiversitéit nach méi ënnerstëtzen**, andeems verbindlech europäesch an national Ziler festgeluecht ginn; Projeten fir d'Restauréiere vun der Natur u Land an am Waasser ënnerstëtzen, an einheimesch Insekten, déi bestäuben, schützen.

DOFIR SUERGEN, DATT D'DIGITALISÉIERUNG FIR ALL MËNSCH FONCTIONÉIERT

- + Eng **zentral Ulafstell fir Start-ups a kleng a mëttel Entreprises** (*SME*, bzw. *PME*) ariichten, fir sech an der Bürokratie eens ze ginn; donieft **Englesch als zousätzlech Amtssprooch** a ganz Europa aféieren.
- + All **administrativ Servicer** uechter ganz Europa ënnerenaner **kompatibel** maachen, an eng **Open-Data- an Open-Source-Anproche** fir sämtlech Software an Daten, déi öffentlech beschaf goufen, duerchzesetzen.
- + En **digitale EU-Portmonni fir d'Identitéit** aféieren, dee souwuel eng Benotzerkontroll, ewéi och eng dezentral Datespäicherung an e robusten Dateschutz bitt.

EUROPA ZU ENGEM VIRREIDER AN DER INNOVATIOUN AN AN DER KOMPETITIVITÉIT MAACHEN

- + Exzellenz an der EU-Fuerschung fördern, andeems **de Fong vun Horizon op 300 Milliarden Euro** verdräifacht gëtt, an den Accès zu Finanzmëttel fir Start-ups a kleng Entreprisë vereinfachen.
- + Verlaangen, datt grouss Investisseuren op d'mannst 5% vun neie Fongen a **Start-ups** investéieren an datt d'Europäesch Investitiounsbank Prêten an Héicht vun 100 Milliounen € fir nei Infrastrukturprojete garantéiere soll.
- + Staatlech Bähëllef europäisieren, fir a strategesch wichteg Wertschöpfungsketten z'investéieren a soumat de Bannemaart an de Concours tëscht den EU-Länner kënnen ze schützen.

ET EINFACH MAACHEN, FIR LEIT AUS DER GANZER WELT AN EUROPA SCHAFFEN ZE KOMMEN A WÄERTVOLL AARBECHT ZE LEESCHTEN

- + Enable remote workers to work across borders and give gig-economy and freelance workers the same protections as contract workers.
- + Ensure standardised qualifications and skills recognition across the EU, and enhance administrative capacity to enable workers' families to join them within three months.
- + **Establish a European Migration Code** to set up speedy legal pathways to attract international talent at all wage and skill levels.

ENG MÉI GERECHT GESELLSCHAFT

Mat senge räichhaltege Ressourcë sollt Europa eng Plaz sinn, an deem Mënschen aus der ganzer Welt eng gutt Zukunft fir sech an hir Communautéite schafe kënnen. Mä fir eng jett vu Mënsche gëtt et awer nach Barrièren a Form vun Diskriminéierungen, schlechtem Zougang zu Déngschtleeschungen oder Ongläichheeten vum Wuelstand, sou datt si onnéideg ageschränkt sinn a sech net richtig an d'Gesellschaft abréngen kënnen. Andeems mir Diskriminéierung bekämpfen an eliminéieren, d'Rechter vun de Mënschen verteidegen a sécherstellen, datt jiddereen Zougang zu deene Saachen huet, déi e brauch, kënnen mer eng méi gerecht Gesellschaft opbauen, an där sech jiddereen onofhängeg vu senger Hierkonft a senge Liewensëmstänn entfale kann.

**FIR ENG MÉI FAIR A MÉI GERECHT
GESELLSCHAFT OPZEBAUEN, WËLLE MIR:**

ENG HÉICHWÄERTEG AN ZUKUNFTSORIENTÉIERT EDUCATIOUN FIR JIDDEREEN

- + De Budget fir den europäeschen Austausch erhéijen, fir datt den **ERASMUS+** méi inklusiv an accessibel fir Schüler*innen, Proffen a Stagiairë gëtt.
- + D'Recht op eng héichwäerteg, gratis Kannerbetreiwung an eng **abordable, liewenslaang Educatioun** gesetzlech garantéieren, a Kompetenzen fërderen, déi fir eng gréng an digitaliséiert Economie gëeegent sinn.
- + **D'Erausfuerderung vun der psychescher Gesondheet** vu jonke Mënschen ugoen, andeems souwuel Initiative fir déi psychesch Gesondheet a Schoulen, wéi och d'Oplklärung iwwert e gesonden Ëmgang mat soziale Medie finanzéiert ginn.

DISKRIMINÉIERUNG BEKÄMPFEN, FIR DATT JIDDEREEN DÉI SELWECHT RECHTER A CHANCË KRITT

- + Alleguerten d'EU-Institutioune solle verflucht ginn, bei hirer Politikgestaltung déi verschidde **Geschlechterperspektiven** ze berücksichtegen.
- + **D'Recht op Ofdreiwung**, Verhütung an eng ausgiebig Oplklärung iwwer d'Rechter zur Sexualitéit an der Reproduktioun, d'Recht op **d'Bestietnis fir jiddereen** an d'Recht op eng **rechtlech Unerkennung vum Geschlecht gesetzlech verankeren**.
- + Eng **europäesch Agence fir Mënsche mat Behënnerung** ariichten, fir déi vollstänneg Ëmsetzung vun UN-Ofkommes iwwert d'Rechter vu Mënsche mat Behënnerung (UN-BRK, bzw. *CRPD* oder *CIDPH*), ze garantéieren.

E GUDDE LIEWENSSTANDARD FÛRDEREN, ANDEEMS LIEWENSWICHTEG ÆFFENTLECH DÉNGSCHTLEESCHTUNGEN BEREET GESTALLT GINN A SOZIAL SOLIDARITÉIT GEFÛRDERT GÛTT

- + E regionaalt käschten-ugepasstent **europäescht Grondakommes** (EBI – European basic income) aféieren, dat déi grondleeënd Käschte fir ze Liewen deckt a gläichzäiteg Ureizer fir gutt bezuelten Aarbecht bitt.
- + Der EU d'Méiglechkeet ginn, **Projeten am soziale Wunnensbau** an deene Stied direkt ze finanzéieren, déi am meeschte betraff sinn.
- + Eng direkt Finanzéierung op lokalem Niveau ariichten, fir Gemenge bei der **Integratioun vu Leit, déi nei am Land sinn**, z'ënnerstëtzen, sou datt een dese Leit an hire Bedierfnesser gerecht gëtt.

E FAIREN AN HUMANEN ASYLSYSTEM

- + Humanitär Gäng schafen, fir vulnerabele Leit eng sécher Iwwerfaart am Mëttelmier an am Atlantik z'erméiglechen an domat de massive Verloscht vu Mënscheliwwen an deene Mierer ze verhënneren.
- + Asylant*innen op eisen europäesche Grenzen séier a fair ëmverdeelen, an dat op der Basis vun enger Kombinatioun aus fräiwëllege Moosnamen op regionalem Niveau a verpflichtende Moosnamen op nationalem Niveau.
- + Gesetzlech virschreiwene, datt Asylprozeduren bannent dräi Méint mussen ofgeschloss ginn, a gläichzäiteg den Asylant*innen sozial, rechtlech a psychologesch Ænnerstëtzung zoukomme loossen.

D'RECHTER VUN DE LEIT AN ENGER DIGITALER WELT SCHÛTZEN AN D'DIGITALISÉIERUNG AN DEN DÉNGSCHT VUN ALLEN EUROPÄER*INNE STELLEN

- + En europäesche Streaming-Déngscht ariichten, deen de Bierger*innen e fräien Zougang bitt zu all Medie vun der gesamter Unioun, déi mat ëffentleche Gelder produzéiert goufen.
- + D'Europäesch Erklärung zu digitale Rechter a Grondsätz fir dat digitaalt Joerzéngt zu engem verbindlechen Rechtsinstrument ëmwandelen.
- + Recetten aus digitalen Technologien do besteieren, wou se generéiert ginn, sech Gesetzer widdersetzen, déi d'Netzneutralitéit gefäerden, a Moosname géint déi onethesch Notzung vu KI ergräifen.